19|1

# REWA NEWS



GEMENG SUESSEM

CIPA
RÉSIDENCE
OP DER
WAASSERTRAP

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 3. | Editorial |
| 4.—5. | Projet |
| 6. | Auszeechnungen |
| 7. - 15. | Retro |
| 16.—17. | Nächst Fester/ Fester |
| 18. | Ausflich |
| 19. | Et hunn eis verlooss 2018/Gedenkfeier |
| 20. | Nei Mataarbechter/ Donen |



**IMPRESSUM**

ZEITUNG VUM: CIPA 'Résidence Op der Waassertrap'
REDAKTIOUN: Residenten an d'Tamara Abate, Flora Oliveira (éducatrices diplômées/Animatioun)
LAYOUT: Tamara Abate, Flora Oliveira
VERBESSERUNG: Service des Relations publiques et de la Culture Cliff Schmit
FOTOEN: Personal vun der Equipe Animatioun a Marie-Paule Muller
DROCK: Am CIPA 'Résidence Op der Waassertrap'
ADRESS: RESIDENCE Waassertrap | L-4408 Belvaux
TEL.: +352 59 49 40 - 1
KONTO: Kontosnummer fir en 'Don'
LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE.
INTERNET SITE: www.cipa-sanem.lu

# Editorial

## 2018 : en erfollegräicht Joer!

Léif Bewunner vum CIPA Résidence op der Waassertrap, léif alleguer,

2018 war en erfollegräicht Joer fir de CIPA Résidence Op der Waassertrap: ugefaangen huet et direkt am Januar wou de CIPA als éischt nationaalt Haus säin eegenen Ethiksgrupp gegrënnt huet. Dëse Grupp diskutéiert iwwer Léisungsvirschléi, déi si der Direktioun mécht, fir Fäll ob déi si selwer keng Léisung fënnt. D'Memberen aus dësem Grupp kommen aus deene verschiddene Servicer mee et sinn och extern Leit mat vertrueden, déi eng ganz aner Siichtweis op déi eenzel Fäll mat sech bréngen.

Den 2. Mee 2018 huet de Mozart ugefaange mat schaffen. De Begleethond soll d'Bewunner besiche goen, si mobiliséieren, hinne Freed a méi en angenehme Liewenssënn bereeden.

Am Juni huet de CIPA de Label RSE (Responsabilité Sociétale des Entreprises) kritt. Dësen Zertifikat steet dofir dass de CIPA en ëmweltfrëndlecht, soziaalt, gesellschaftlecht an ethesch engagéiert Haus ass.

Am November hu mir dunn zu Paräis de Präis “lieu de vie, lieu d'envies” kritt, dëst am Kader vun eiser Demarche "Humanitude". "Humanitude” ass eng Philosophie, déi mat 4 Piliere schafft (le toucher, le regard, la parole, la verticalité), wou d'Zil ass d'Wuelbefanne vum Bewunner ze garantéieren.

Och am November huet de CIPA de “Luxembourg Excellence Award” vum Mouvement Luxembourgeois de la Qualité et de l'Excellence iwwerreecht kritt, dat heescht mär kruten déi héchsten Auszeechnung vum lëtzebuerger Qualitéitspräis.

Och 2019 hu mir wëlles weider ze kommen an eiser Demarche fir déi beschtméiglech Qualitéit unzebidden.

Esou wäerte mir ënner anerem reegelméisseg biologesch Produkter am Restaurant ubidden an awer och eis Gamme vu Fairtrade Produkter nach ausbauen.

Fir méi nohalteg ze schaffen, wëlle mir nach méi regional akaafen a parallel dozou wëlle mir 2019 eise Volumen u Plastiksdreck ëm d'Halschent reduzéieren.

Am Laaf vun deenen nächste Woche gi Waasserspenderen op deenen 2 Stäck installéiert. D'Leit hunn dann d'Méiglechkeet sech gratis Waasser ze huelen a kréien dofir gëeegent Bidoen zur Verfügung gestallt. Och kucke mir fir an Zukunft eis Gedrénksfläschen op Glas ëmzestellen. Eist ganzt Verpackungs-Material gëtt och op Pabeier respektiv Kartong ëmgestallt.

Wéi där gesitt, komme verschidden Ännerungen an noer Zukunft, déi awer Akzenter wäerte setzen am Sënn vun der Nohaltegkeet.

Ech vergiessen net fir de Mataarbechter vum CIPA e grousse Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi si all Dag maache fir dass et eise Bewunner gutt geet an dass mir esou eng gutt Reputatioun hunn.

Och 2019 maache mir alles, dass et esou weider geet!
Am deem Sënn wënschen ech Iech nach weider vill Freed !

Alain Willet
Direkter

# Projet

Samschdes, den 30.09.2018 ass e Grupp mat Vëloen hei beim CIPA ukomm. Kee wousst esou richteg, wat da lass ass. Ouni ze zécke sinn eng Partie vun eise Residenten erof luusse gaangen. Am Agang vum CIPA huet den Här Marco Goelhausen de **Projet Rikscha** virgestallt. Eng Rikscha ass ee flotte Vëlos-Taxi, wou zwou Persoune kënne gemittlech vir Plaz huelen, wärend de "Chauffeur" direkt hannert hinnen um Suedel sëtzt a kräfteg mat de Bee struewelt fir dass d'Rikscha och vun der Plaz kënnt. Et ass eng elektresch ënnerstëtzte Rikscha, wann een déi Hëllef an Usproch hëlt, soss ass et een zimlecht ermiddend Fueren an et fiert een net ganz wäit. Den Här Jemp Kreuter an den Här Nikki Brandenburger hu Plaz geholl am Gefier. Et ass esou guer méiglech, dass eng Persoun sech sëtze kann, déi net sou gutt op de Been ass. Si kënnt no genuch un d'Sëtzplaz erun, well een en Deel vun der Foussoflee kann eraus huelen. Eis zwee Residenten hu sech dunn vum Här Marco Goelhausen féiere gelooss. A wéi der op de Fotoe gesitt, hate si vill Freed. Dës Rikscha passt perfekt an eist Konzept fir och deene Residenten, déi villäicht net méi sou gutt zu Fouss sinn, d'Méiglechkeet ze gi weiderhi mobil ze sinn. A villäicht hu mir am CIPA REWA deemnächst esou eng Rikscha an eisem Fuerpark stoen.







# Projet

# GIVE LOVE

## SCHOUL SOLEUVRE CENTER

Mir huelen eis Spillschoulskanner mat an een Altersheem an mir verbréngen do en Dag mat hinnen. Mir maachen do Aktivitéiten (Cookien baken, bastelen, liesen, sangen...) an verschiddenen Gruppen. Mëttes iessen mir alleguer Spaghettien zesummen.



**Et handelt sech ëm d'Altersheem CIPA.**
D'Adresse ass:
CIPA „Résidence ob der Wassertrap"
60, rue Wassertrap
**L-4408 BELVAUX**



**Den 8 Febuar 2019**

**vun 10:00 – 15:30**



# Auszeechnungen


De “Mouvement Luxembourgeois de la Qualité et de l’Excellence” verdeelt all Joer Qualitéitspräisser. 2011 huet de CIPA eng éischte Kéier matgemaach an de **“Prix d’encouragement”** gewonnen. 2015 krute mär d’Mentioun “Sur la voie de l’excellence” iwwerreecht. De 16. November 2018 huet sech eis gutt Aarbecht endlech bezuelt gemaach a mir kruten déi héchsten Auszeechnung vum lëtzebuergesche Qualitéitspräis, de “Luxembourg Excellence Award”.








Am November 2018 huet de CIPA zu Paräis de Präis **“Lieu de vie, lieu d’envies”** iwwerreecht kritt. Dëse Präis zeechent de CIPA dofir aus, dass hie senge Bewunner, egal wéi schwaach se sinn, probéiert déi bescht méiglech Liewensqualitéit ze bidden an hir Liewensprojeten nach ze realiséieren. Dëst ass e gudden Ufank fir de CIPA, deen um Wee ass fir 2020 de *Label Humanitude* ze kréien. Bei dësem Zertifikat geet et ëm d’Wuelbefanne vun de Bewunner. Zil dovunner ass et, d’Identitéit vun all Bewunner, seng Autonomie, seng Intimitéit, säin individuelle Rhythmus a säi Schlof ze respektéieren.



PRIX 2018

Lieu de vie, lieu d’envies

Décerné à :

**CIPA Résidence Op der Waassertrap**

(Luxembourg)

Pour son projet :


**« Projet de vie de M. Spautz :**
**participer à une course nature en équipe »**

Par

Asshumevie
ASSOCIATION DES UTILISATEURS DE L’HUMANITUDE

Avec le soutien
agevillagepro

# Retro




D'Direktioun, d'Personal esou wéi d'Bewunner aus dem CIPA REWA soen dem Caroline Ackermann villmools Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. D'Caroline hat den 23. Mäerz 2016 en Accord de collaboration als Psychologin mam CIPA ënnerschriwwen. Seng Aarbecht am CIPA ass lo eriwwer. Mir soe villmools Merci a wënschen dem Caroline ganz vill Erfolleg op sengem Wee.







| | Nombre d'ETP | Heures |
|---|---|---|
| 2018 | 116.7 | 2739 |



Retro

# Oktoberfest am CIPA

D'Bewunner souwéi d'Personal hate vill Spaass um Oktoberfest. Gutt Iessen a gutt Musek hunn zu dëser gudder Stëmmung bäigedroen.
Och dëst d'Joer steet d'Oktoberfest op eisem Programm.

















Retro

# Päiperleksgaart





Mir waren den 09.Oktober mat eise Bewunner an de Päiperleksgaart zu Gréiwemaacher. Et huet hinne ganz gutt gefall an och déi tropesch Temperaturen hunn hinnen näischt ausgemaach. Duerno gouf nach geshoppt an dat ganzt mat engem Iessen ofgeschloss.





# Retro



Mir hate vum 05. bis den 11. November eng international Woch am CIPA. Déi ganz Woch sinn et international Spezialitéiten z'iesse ginn an et gouf mam spuenesche Fest, Viva España, ofgeschloss. Fir déi musikalesch Stëmmung hat de René Pejot gesuergt.

# Concert Apero UPG



Reegelméisseg gëtt e Concert Apero am UPG organiséiert. D'Haaptzil vun deem Concert ass et mat de Bewunner an hiere Familljen e schéine Moment ze verbréngen. Doduerch dass den UPG anescht amenagéiert gëtt, spillt dat ganzt sech an engem gemitterleche Kontext of. D'Bewunner si méi entspaant a gedanzt gëtt och. Nieft der musikalescher Begleedung gi lecker Häppercher ugebueden. Dat ganzt soll e Moment vu Rou a Gemittlechkeet sinn.

# Retro



Léiwe Kleeschen,gudde Kleeschen,
bréng ons Saachen allerhand,
fir ze kucke, fir ze schmaachen aus
dem schéinen Himmelsland!
Bei der Dier, do stinn eis Telleren,
beieneen an enger Rei.
'T läit och Hee do fir däin Iesel, duerfir
bréng ons Spillgezei.



Och d'lescht Joer ass de Kleeschen eis an de CIPA besiche komm. D'Bewunner goufe mat Glühwäin a Käschte verwinnt. D'Bieleser Musek huet de Kleeschen an den Houseker musikalesch begleet.









Retro

# Chrëschtbasar am Cipa



Retro

# Sangen mat de Kanner aus der Crèche "Les angelots"

Dëst Joer hunn d'Kanner aus der Crèche e ganz schéine Moment mat eis verbruecht. Eis Bewunner ware ganz frou d'Kanner kennenzeléieren a mat hinnen e flotte Mueren ze verbréngen.
Mir hu mat hinne Chrëschtlidder gesongen an zum Schluss gouf et Schokelasmëllech mat leckerem Kuch.







# Seniorefeier










Retro

# Chrëschtmaart an der Stad

















# Chrëschtsangen am CIPA







# DRÄIKINNEKSFEIER



# Nächst Fester:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 3. | Februar | 2019 | Marche gourmande |
| 8. | Februar | 2019 | Gedenkfeier/Soirée de commémoration |
| 26. | Februar | 2019 | Familljen Owend/Soirée Famille |
| 28. | Februar | 2019 | Fuesmatinée /Fête de carnaval |
| 10. | Mäerz | 2019 | Fuesmatinée UPG/ Fête de carnaval UPG |
| 24. | Mäerz | 2019 | Concert Apero UPG |
| 7. | Abrëll | 2019 | Ouschterbasar/ Bazar de pâques |
| 9. | Abrëll | 2019 | Finall Sport- a Spillchampionnat |
| 28. | Abrëll | 2019 | Concert Apero UPG |




Das Beste am Baum sind die Äste, und das beste am Fest sind die Gäste,

# FUESMATINÉE



Fuesmatinée am CIPA REWA zesumme mat de
Senioren aus der Gemeng Suessem
Rendezvous ass en
Donneschden, den 28. Februar 2019
um 15.00 Auer am Festsall







#99852499

# OUSCHTERBASAR


## Sonndeg, de 7. Abrëll 2019

Eise Basar fänkt um 11.00 Auer moies un.
Gebastels, Keramik an nach vill aner
Stänn erwaarden iech dëst Joer am CIPA.
De Service ass ab 12.30 Auer.
Fir gutt Stëmmung ass gesuergt.





# Ausflich



15/03/2019 Suessemer Pifffaass




22/04/2019 Eemaischen



Am Abrëll gi mir och Pizza iessen.
Den Datum kritt dir nach gesot.





Eemol an der Woch fuere mer an de Cactus an op d'Bank. Wann dir wëllt matfueren, musst dir iech bei der Animatioun beim CINZIA, CLAUDINE, MARIE-PAULE, RIA ODER ELISE umellen.

Mir fueren och ee bis zweemol am Joer an den Adler.

Falls dir eng Iddi hutt, wou een nach kéint hifueren, kënnt dir eis gären eng Propose maache bei engem vun der Transport Equipe.


# Et hunn eis verlooss 2018:

| | |
|---|---|
| Mr Krolak Wladislaw | + 01/10/2018<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| Mme Gérard-Bourkel Alphonsine | + 04/10/2018<br>AM ALTER VU 95 JOER |
| Mme Bingen-Tapp Marie | + 14/11/2018<br>AM ALTER VU 94 JOER |
| Mme Ney-Ravaz Gisele | + 25/11/2018<br>AM ALTER VU 86 JOER |
| Mr Reuter Gaston | + 28/11/2018<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| Mme Bosetti Bruna | + 21/12/2018<br>AM ALTER VU 86 JOER |



## Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2018
## Bienvenue aux nouveaux collaborateurs 2018

| Nom | Prénom | Date d'entrée | Service |
| --- | --- | --- | --- |
| URBING | Sandra | 01.10.2018 | Assistance & Soins BF2 |
| JACOBS | Ines | 01.10.2018 | Accueil & Hébergement |
| MAIA COSME | Mélanie | 01.10.2018 | Accueil & Hébergement |
| MORIS | Lynn | 01.10.2018 | Accueil & Hébergement |
| BENTOUMI | Smail | 01.10.2018 | Service Technique |
| FURTADO | Noémie | 15.10.2018 | Assistance & Soins BF2 |
| CARDOSO DIAS | Silvia Maria | 15.10.2018 | Ménage |
| OLIVEIRA | Flora | 15.10.2018 | Accueil & Hébergement |
| VERISSIMO LUCAS | Carla | 16.12.2018 | Assistance & Soins BF1 |




# Dons au profit du CIPA « Résidence op der Waassertrap »

De CIPA seet **MERCI** fir déi generéis Donen, déi am Laf vum Joer 2017 era gefloss koumen. Mat dëse Sue sinn 2018 verschidde Materialie kaf ginn, déi zu enger besserer Liewensqualitéit vun de Bewunner bäidroen.

| Montant | Descriptif |
| --- | --- |
| 4.633,20€ | 4 matelas alternating (anti-escarres) |
| 1.462,50€ | Bécasine |
| 463,20€ | Lampe infrarouge THERA |
| 1.166,49€ | Fauteuil releveur pour salle sensorielle |
| 23.206,37€ | Projet d'aménagement des locaux publics UPG |
| **Total : 30.931.76€** | |

Kontosnummer fir en 'Don'

**LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE.**